Reglement N° 14 28.6.2001

Branchen a Branchenunitéiten

1. Branchen

1.1. D'Erzéiungsmethod vun de Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten** gëtt entspriechend dem Alter vun hire Memberen ugewand. (...)

Duerfir faasst de Verband d'Guiden an d'Scouten an altersspezifesche Branchen zesummen. (cf Art. 1.3.3. vun de Statuten)

1.2. D'Branche "Biber" begräift d'Meedercher an d'Jonge vu 6 bis 8 Joer, déi op d'mannst am 1. Schouljoer sinn.

D'Branche "Wëllefcher" begräift d'Meedercher an d'Jonge vun 8 bis 11 Joer.

D'Branche "AvEx" (Aventure/Explorer) begräift d'Meedercher an d'Jonge vun 11 bis 14 Joer.

D'Branche "CaraPio" (Caravelle/Pionéier) begräift d'Meedercher an d'Jonge vu 14 bis 17 Joer.

D'Branche "RaRo" oder "Route" (Ranger/Rover) begräift d'Meedercher an d'Jonge vu 17 bis 23 Joer.

1.3. D'Method, no där déi verschidde Branchë schaffen, gëtt vun der betr. Branchenéquipe am Averständnes mat dem Verbandscomité festgesat.

2. Branchenunitéite vum Grupp

2.1. E Grupp begräift eng oder méi Branchenunitéite vun deene verschiddenen Altersstufen.
(cf Art. 3.2. vun de Statuten)

2.2.. D'Biber ginn zesummegefaasst an enger Biberfamill ënner der Leedung vun engem/enger Biberchef/taine a sengen/hiren Assistenten.

2.3. D'Wëllefcher ginn zesummegefaasst an engem Ruddel ënner der Leedung vun engem Akela a sengen Assistenten.

2.4. D'AvEx ginn zesummegefaasst an enger AvEx-Trupp ënner der Leedung vun engem/enger Truppechef/taine a sengen/hiren Assistenten.

2.5. D'CaraPio ginn zesummegefaasst an enger CaraPio-Trupp ënner der Leedung vun engem/enger Truppechef/taine a sengen/hiren Assistenten.

2.6. D'RaRo ginn zesummegefaasst an engem Clan ënner der Leedung vun engem/enger Clanchef/taine a sengen/hiren Assistenten.

3. Schlussbestëmmung

Dëst Reglement ersetzt d'Reglement N° 14 vum 17.4.1997.